## Gemengerot

# vum 19ten Dezember 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser d'Punkte ; 11.1 a 11.2.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV),** begréisst zur Sëtzung vum 19ten Dezember 2025. Déi läscht Gemengerotssëtzung vum Joer 2025. Den Haaptsujet vun dëser Sëtzung ass de Budget an och säi Vott. D'Dagesuerdnung gëtt eestëmmeg ugeholl.

**D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)** informéiert datt säit dem 18ten Dezember 2025 d'Annonce vun der 'Chargé de direction' fir de Club Senior op Facebook an Instagram affichéiert ass. Et gëtt eng nei Persoun gesicht well d'Madamm Annick Stiernon ab dem 31ten Mäerz 2026 an d'Pensioun geet.

Den 11ten Dezember 2025 huet eng Reunioun, op Initiativ vum Sportsministère, stattfonnt an dëst bezüglech dem Sujet 'Meng Gemeng lieft Sport' un där d'Madamm Claudine Meyer-Deitz deelgeholl huet. D'Nopeschgemengen hunn och un dëser Reunioun deelgeholl a ware vertrueden duerch hir Schäffen. Si huet wärend der Reunioun driwwer informéiert wat fir Aktivitéiten d'Gemeng Kielen schonns organiséiert an d'Vertrieder vum Ministère waren immens frou datt d'Gemeng Kielen als eenzeg den Eurosport ubitt. D'Madamm Claudine Meyer-Deitz huet och d'Nopeschgemengen driwwer informéiert datt d'Gemeng Kielen eng Kiné huet, d'Madamm Zoe Baxter déi dëse Cours hält. An deem Cours sinn zwee Awunner vun der Gemeng Kielen bäikomm. Si huet deenen anere Gemenge gesot dass si net onbedéngt e Cours missten organiséieren. Do brauch een nämlech e Kiné fir mat kranke Leit ze turnen an et kënnen och Leit aus anere Gemengen un dësem Cours deelhuelen. D'Gemeng Stengefort ass och schonns vun enger Persoun ugeschwat ginn déi en Hiereschlag hat sou datt déi Persoun dann eventuell an de Cours zu Kiele bäikënnt.

De Kidssport zielt an tëschent Zäit 35 Participanten. Et ware Leit aus dem Gemengerot bis an dee Cours kucken an dee funktionéiert richteg gutt de Moment.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, (CSV),** annoncéiert datt d'Schoul zu Elmen net prett ass fir kënnen de 5ten Januar 2026 opzegoen. Dat huet eng Haaptursaach an dat ass datt d'Kichen net prett ass. Et gouf hei nämlech eng Waasserfuite déi huet misste gesicht gi wat mat sech bruecht huet datt erëm hu misste Plättercher opgerappt ginn. Déi Fuite ass natierlech behuewe ginn. Mä Tatsaach ass awer och déi, datt déi Kichen erëm huet misste gebotzt an desinfizéiert ginn an am Bewosstsinn datt de Kollektivcongé virun der Dier stoung an dee Moment just nach eng Woch ze schaffe war an et dofir net méi opgaangen ass fir alles esou hinzekréie wéi et soll sinn. Wat konkret bedeit dat alles huet misste propper gemaach ginn, desinfizéiert ginn an doropshin den Agrement kréien, wat dozou gefouert huet datt de Schäfferot huet misste kommunikéieren datt de 5ten Januar 2026 d'Schoul net kann opgoen.

Et gëtt geplënnert an der éischter Vakanz nodeems d'Schoul fäerdeg ass. Dat ass zimmlech drop an drun. Ob dat elo d'Fuesent ass wat natierlech nëmmen eng Woch wär fir ze plënnere, wat e bëssen enk ass, oder dann awer Ouschteren dat muss een da gesinn. Jiddwerfalls ass alles esou wäit fäerdeg. Am Laf vun deenen nächste Wochen no der Chrëschtvakanz gëtt d'Kiche getest. Et ass och erwënscht vum Léierpersonal datt si heiansdo dohinner ginn, eventuell och mat hirer Klass fir ze kucke wou d'Kanner hikommen. Stellt iech eng Sekonn vir de 5ten Januar 2026 wären 100 Kanner mateneen an déi Schoul eragaangen an si wären nach ni do gewiescht, dat wär och e bësse komplizéiert ginn. D'Schoul geet wéi gesot net de 5ten Januar 2026 op, mä si ass esou gutt wéi fäerdeg. Déi verspéit Eréffnung vun der Schoul am Quartier Elmen setzt natierlech de Chantier betreffend der Sanéierung vun den A & B Gebaier vun der Zentralschoul zu Kielen hannendran. Dat ass awer net esou schlëmm, den Entrepreneur ka spéitstens an der Hallschent vum nächste Joer domadden ufänken.

D'Strooss virun der Gemeng ass fäerdeg. Dat heescht d'Reseauen an alles wat huet missten ënnert de Buedem geluecht ginn ass gemaach. Den Här Félix Eischen wëll der Ekipp déi op der Plaz geschafft huet e grousse Merci ausschwätzen, souwéi och de Mataarbechter vun der Gemeng wou d'Koordinatioun op der Plaz ganz gutt geklappt huet. Am Ufank vum Joer ass gehofft ginn datt dës Aarbechte bis Enn dës Joers ofgeschloss ginn an déi sinn elo dann effektiv fäerdeg. D'Strooss geet haut op. D'Marquagen ginn och nach gemaacht fir dass all Automobiliste weess datt et sech ëm eng Zon 30 handelt. D'Strooss ass awer nach net ganz fäerdeg. Et kënnt nach eng Erhéijung drop, dat ass méi en helle Belag. Dee Belag kann awer zu dëser Joreszäit net gemaacht gi wéinst de Wiederkonditiounen. Dee gëtt dann am Fréijoer gemaacht, mä dat ass dann eng Aarbecht vun e puer Deeg. D'Strooss geet jiddwerfalls op an dann ass ze hoffen datt d'Perturbatiounen op der Strooss, déi an der leschter Zäit am Rescht vum Duerf waren, ophalen. An d'Vertrieder vun der Gemeng hoffen natierlech datt d'Automobilisten sech an d'Zukunft och un d'Vitesslimitatioun halen.

Nodeems den Här Hilbert lo eng Zäit an der Wanteraktioun war krut d'Gemeng d'Informatioun datt hien an de 'Centre de l'Oseraie' an de Weidendall ka goen. Et war eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht mat de Responsaablen vun dësem sozialen ëffentleche Service. Si hunn och gesot datt den Här Hilbert dohinner passt well et e Mënsch ass deen sech upasst an dee just an der Organisatioun vu sengem Liewen Hëllef brauch an déi kritt e bei dëser Ulafstell. Fakt ass awer och datt hien net zeréck a säin Haus dierf. An deem Kader ass en Avis vu Säite vun er Gemeng erausgaangen datt dat Haus net méi däerf betruede gi well et ass liewensgeféierlech. Lo gëtt gekuckt wéi dat Haus ka soit ofgerappt gi soit geséchert. Et muss drop gewaart gi wat vu juristescher Säit kënnt. Fakt ass datt de Mann entzwousch ënnerbruecht ass wou no him gekuckt gëtt, wat dat wichtegst ass. Fakt ass d'Haus ass zou do dierf kee méi ran. Wann d'Gemeng erlaabt hätt datt den Här

erëm géif zeréck an säin Haus goen an do wär eppes geschitt oder et wär eppes explodéiert, well et ware jo wéi gewosst explosiv Objeten dobannen dann hätt d'Gemeng grouss Noléissegkeet virgeworf kritt.

## *1. Compromisen/Akten/Kontrakter*

### *1.1. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzell situéiert um Uert 'Auf der Burg' zu Kielen*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt N° 13411 deen de 12ten Dezember 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an de Konsorten Gilbertz a Schmit ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°1761/7531, Strooss, mat enger Surface vun 0,26 Ar, geleeën um Uert 'Auf der Burg', Sektioun A vu Kielen, fir e gesamt Präis vun 260,00 Euro.

### *1.2. Nottärsakt fir de Kaf vun engem Gebai situéiert an der Rue 'An der Hiel' zu Kielen*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13410 deen de 12ten Dezember 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Muriel Sophie Hélène Becquevort, souwéi dem Här Frédéric Nicolas Enrico Marco Olivier Gallone ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Gebai n°2021/7295, Platz (occupéiert), mat enger Surface vu 4,97 Ar, geleeën um Uert 'An der Hiel', Sektioun A vu Kielen, mat Wunngebai an enger Plaz situéiert L-8284 zu Kielen, 3, An der Hiel, fir e gesamt Präis vu 670.000,00 Euro.

### *1.3. Akt fir den Echange vu Parzelle geleeën an der 'Rue des Près' an an der 'Rue Simmerschmelz' zu Nospelt*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13365 deen den 3ten Dezember 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Eliane Liliane Engel, souwéi der Madamm Chantal Virginie Josiane Engel an hirem Mann, dem Här Alain Gaasch, souwéi der Madamm Léa Catherine Engel ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°843/5141, Strooss, mat enger Surface vun 0,06 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e gesamt Präis vu 60,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13366 deen den 3ten Dezember 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Léon Engel, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°844/5143, Strooss, mat enger Surface vun 0,34 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e gesamt Präis vun 340,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13367 deen den 3ten Dezember 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Chantal Virginie Josiane Engel an hirem Mann den Här Alain Gaasch, souwéi der Madamm Léonie Lucie Stomp, der Madamm Eliane Liliane Engel an der Madamm Léa Catherine Engel, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°847/5145, Strooss, mat enger Surface vun 0,17 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e gesamt Präis vun 170,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13347 deen den 28ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Max Molitor, souwéi der Madamm Lynn Hames, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzell n°37/5130, Strooss, mat enger Surface vun 0,11 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e gesamt Präis vun 110,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert den Akt fir en Echange n°13358 deen den 2ten Dezember 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis tauscht d'Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot mam Här John Conrardy souwéi der Madamm Marianne Henriette Nickels d'Parzell n°2130/5153, Platz, mat enger Surface vun 0,15 Ar géint d'Parzell n°2130/5154, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar. Béit Parzelle befannen sech um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus dem Tosch geet ervir dass den Här John Conrardy an d'Madamm Marianne Henriette Nickels der Gemeng 140,00 Euro muss bezuele fir den Ausgläich.

De Gemengerot approuvéiert den Akt fir en Echange n°13341 deen de 26ten November 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis tauscht d'Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot mam Här Roger Albert Thill d'Parzellen n°2130/5162, Platz, mat enger Surface vun 0,01 Ar a n°2130/5163 Platz, mat enger Surface vun 0,01 Ar géint d'Parzell n°2130/5164, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar. Déi dräi Parzelle befannen sech um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus dem Tosch geet ervir dass den Här Roger Albert Thill der Gemeng 10,00 Euro muss bezuele fir den Ausgläich.

De Gemengerot approuvéiert den Akt fir en Echange n°13310 deen den 19ten November 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis tauscht d'Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot mam Här Antoine Tonus an der Madamm Nicole Marguerite Lippert d'Parzell n°838/5134, Platz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, situéiert um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt géint d'Parzell n°838/5135, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar, situéiert um Uert 'Rue des Prés', Sektioun C vun Nouspelt.

### *1.4. Maison pour Tous am Quartier Elmen, Brasserie – Avenant zum Bail*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant zum Bail vum 17ten Juni 2025 deen den 10ten Dezember 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Societéit Concept Brasserie Elmen s.àr.l., vertrueden duerch den Här Christophe Diederich, eenzege Gerant, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Avenant maachen d'Parteien of datt de Locataire d'Lokaler mam Numm Sas a Kiche fir ze wiermen, mat enger Surface vun ongeféier 28,78 m$^2$, souwéi och d'Ekipement, situéiert um Rez-de-chaussée vum Gebai Maison pour Tous, zur Verfügung gestalt kritt.

## *2. Déngschtleeschtungsverträg*

### *2.1. Déngschtleeschtungsvertrag bezüglech de lëtzebuergesche Sproochecoursen*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Déngschtleeschtungsvertrag bezüglech de lëtzebuergesche Sproochecoursë fir Erwuessener, deen den 10ten Dezember 2025 tëscht dem Schäfferot an der Madamm Monique Harslem vun Nouspelt, fir d'Joer 2026, ofgeschloss gouf.

### *2.2. Déngschtleeschtungsvertrag bezüglech de lëtzebuergesche Sproochecoursen*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Déngschtleeschtungsvertrag bezüglech de lëtzebuergesche Sproochecoursë fir Erwuessener, deen den 10ten Dezember 2025 tëscht dem Schäfferot an der Madamm Tania Lucas vu Kielen, fir d'Joer 2026, ofgeschloss gouf.

### *3. Nationalfeierdag 2025 – Dekont an Don un d'Fondatioun Wonschstär*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Dekont, den vum Gemengereceveur, bezüglech de Festivitéiten vum Nationalfeierdag Gemengereceveur, den Här Serge Harles, den 20. November 2025 opgestalt gouf. Weiderhin decidéiert de Gemengerot, der Associatioun 'Wonschstär' vu Steesel en Don vun 3.000,00 Euro zouzesoen. De Gemengerot decidéiert d'Differenz tëscht dem Boni vun de Festivitéite vum Nationalfeierdag 2025 an dem zougesoten Don ze iwwerhuelen, dat heescht e Montant vun 1.649,17 Euro.

### *4. Centre de promesse vum Télévie zu Biissen – Don*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot accordéiert der karitativer Organisatioun 'Télévie' een Don vun 2.000,00 Euro am Kader vun der Organisatioun vum 'Centre de Promesses' zu Biissen.

### *5. Klimapakt 2.0 – Approbatioun vun den Objektiver fir d'Schlësselindicateuren vum Programm 'EEA' 'European Energy Award' 2026*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot huet de Kontrakt 'Pacte Climat 1.0' a senger Sëtzung vum 14ten Dezember 2012 guttgeheescht, souwéi de Kontrakt 'Pacte Climat 2.0' a senger Sëtzung vum 3. Juni 2022. Béid Kontrakter goufen tëscht dem Staat vum Groussherzogtum Lëtzebuerg, dem Gruppement d'intérêt économique 'myenergy' an der Gemeng Kielen ofgeschloss.

Am Kader vum Kontrakt vum Klimapakt besteet eng wichteg Aufgab doran, de Programm 'EEA' 'European Energy Award' op d'mannst eemol d'Joer op d'Dagesuerdnung vum Gemengerot ze setzen. An deem Zesummenhang huet den Här Thierry Lagoda, Conseiller vum Klimapakt, dem Gemengerot an der Sëtzung vum 28ten November 2025 d'Ziler fir d'Schlësselindicateuren vum Programm 'EEA' 'European Energy Award' fir d'Joer 2026 virgestallt, esou wéi se vum Klimateam vun der Gemeng Kielen ausgeschafft goufen.

An der haiteger Sëtzung approuvéiert de Gemengerot déi genannten Ziler fir d'Schlësselindicateuren vum Programm 'EAA' 'European Energy Award' 2026.

### *6. Sicona Süd-West – Järlechen Aktiounsprogramm 2026*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de järlechen Aktiounsprogramm vum SICONA Süd-West fir d'Gemeng Kielen bezüglech dem d'Joer 2026 fir e Montant vun 952.427,33 Euro vun deem d'Gemeng muss 330.000,00 Euro bezuelen.

### *7. Kulturkommissioun – Demissioun vun engem Member*

*(eestëmmege Vott)*

Unhand vu sengem Bréif vum 2ten Dezember 2025, reecht den Här André Gerges der Gemeng Kielen seng Demissioun als neutrale Member vun der Kulturkommissioun an. De Gemengerot approuvéiert dës Demissioun an déi genannte Kommissioun setzt sech deemno follgendermoossen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | REDING Paul | CSV | Membre |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Présidente |
| 5 | DREWS Frank | LSAP | Membre |
| 6 | KRECKÉ Patrick | DP | Membre |
| 7 | THILTGES Paul | déi gréng | Membre |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Membre |
| 9 | ADAM Joël | neutre | Membre |
| 10 | vacant | neutre | Membre |
| 11 | SUYS Willy | neutre | Membre |
| 12 | NOESEN Philippe | neutre | Membre |
| 13 | EICHER-SCHMITT Myriam | neutre | Membre |

### *8. Lotissement vun enger Parzell an der 'Rue du Cimetière' zu Nouspelt*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement n°229467 dee virgesäit d'Parzell n°59/3922, mat enger Surface vu 37,10 Ar, Plaz, geleeën um Uert 'Rue du Cimetière', ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun C vun Nouspelt, an zwee verschidde Lousen ze spläcken. Et handelt sech em d'Lous n°59/X1, mat enger Surface vu 6,45 Ar an d'Lous 59/X2, mat enger ondefinéierter Surface. De genannte Projet gouf vum offizielle Geometer, den Här Sascha Seresse, ugestallt beim Kadaster, fir den Här Henri Robert Lippert opgestalt.

### *9. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Attributioun vum Titel 'Secrétaire adjoint'*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert der Madamm Caroline Pellizzaro, déi den definitiven Examen an der Carrière vum Gemengesekretär gepackt huet, den Tiel 'Secrétaire adjoint' zou ze spriechen, an dëst ab dem 1ten Januar 2026.

### *10. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot confirméiert zwee urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar an der 'rue du Cimetière' zu Kielen fir Aarbechte bezüglech dem Assainissement vun der Kanalisatioun virun de Gebaier n°19 – n°29 a n°24 – n°32, ab dem 1ten Dezember 2025 bis den 12ten Dezember 2025 an der 'Rue d'Olm' zu Nouspelt fir Aarbechte fir d'Mauer laanscht dem Trottoir virum Gebai n°7 ze erhéijen, ab dem 15ten Dezember 2025 bis den 19ten Dezember 2025.

### *11. Budget*

#### *11.1. Rektifizéierte Budget 2025*

(Dëse Punkt gouf mat 10 Stëmme fir, 2 Abstentiounen (Här Patrick Krecké & Madamm Maryse Frantzen) an 1 Stëmm dogéint (Här Larry Bonifas) ugeholl).

De Gemengerot approuvéiert de rektifizéierte Budget 2025 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf.

- Total des recettes ordinaires 44.524.063,59 Euros;
- Total des dépenses ordinaires 37.706.318,56 Euros;
- Boni propre à l'exercice 6.817.745,03 Euros;

- Total des recettes extraordinaires 4.915.251,12 Euros ;
- Total des dépenses extraordinaires 28.751.926,02 Euros ;
- Mali propre à l'exercice 23.836.674,90 Euros ;
- Boni du compte de 2024 18.903.212,31 Euros ;
- Boni présumé fin 2025 1.884.282,44 Euros ;

### *11.2. Budget 2026*

(Dëse Punkt gouf mat 10 Stëmme fir, 2 Abstentiounen (M. Patrick Krecké & Mme Maryse Frantzen) an 1 Stëmm dogéint (Här Larry Bonifas) ugeholl).

De Gemengerot approuvéiert de Budget 2026 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf.

- Total des recettes ordinaires 45.823.122,63 Euros ;
- Total des dépenses ordinaires 45.207.443,13 Euros ;
- Boni propre à l'exercice 615.679,50 Euros ;
- Total des recettes extraordinaires 40.337.319,95 Euros ;
- Total des dépenses extraordinaires 42.717.618,52 Euros ;
- Mali propre à l'exercice 2.380.298,57 Euros ;
- Boni du compte de 2025 1.884.282,44 Euros ;
- Boni présumé fin 2026 119.663,37 Euros ;

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *12. Personal Ugeleeënheeten – Agent municipal - Definitiv Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp mat speziellen Zoustännegkeeten*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot nominéiert definitiv unhand vun engem geheime Vott en Agent municipal, Vollzäit an der Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp mat speziellen Zoustännegkeeten.

### *13. Ugeleeënheete vum Personal - Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA)*

#### *13.1. Engagement vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Soziales*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot engagéiert unhand vun engem geheime Vott ee Gemengenemployé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 75% (30 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *13.2. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Soziales*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert Tâche vun engem Gemengenemployé beim SEA an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Pyscho-Soziales ze erweideren an zwar vun enger aktueller Tâche vu 36 Stonne pro Woch op 40 Stonnen an der Woch an dëst ab dem 1ten Januar 2026.




OPRUFF UN ALL KËNSCHTLER•INNEN AUS DER GEMENG

**HOBBYKËNSCHTLER STELLEN AUS**

**26. - 29. Juni 2026 - Sachsen (D)**

Save the date!

D'Kulturkommissioun an de Comité de Jumelage vun der Gemeng Kielen invitéieren all Kënschtler•innen op d'Ausstellung, déi am Kader vum „Wald- und Jagdtag" zesumme mat der internationaler Hobbykënschtlerausstellung zu Langburkersdorf bei Neustadt (Sachsen) stattfënnt.

**Schreift iech den Datum op! Weider Infoen an de Programm kommen no.**

Gemeng Kielen